

	60^e séance	Présidence
	Mercredi 27 juin 2001	M. Jean Spautz, Président

Ordre du jour

1. Projet de loi 4771 relatif à l'extension et à la modernisation du Centre de conférences à Luxembourg (*Rapport de la Commission des Travaux publics - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
2. Projet de loi 4772 relatif à la construction d'un bâtiment pour le Centre National de l'Audiovisuel (CNA) et le Centre Culturel Régional de Dudelange (*Rapport de la Commission des Travaux publics - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion*)
3. Projet de loi 4738 relatif au réaménagement du carrefour formé par l'A4 (route d'Esch-sur-Alzette à Luxembourg) et la rue de Merl moyennant construction d'un giratoire avec passage souterrain à 4 voies (*Rapport de la Commission des Travaux publics - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)

Au banc du Gouvernement se trouve: Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre.

(Début de la séance publique à 9.03 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelung ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Mir kommen direkt zu der Diskussioun vum Projet de loi 4771 iwwert den Ausbau vum Konferenzzentrum zu Lëtzebuerg. Et hu sech ageschriwwen: d'Häre Strotz, Fayot, Schummer, Henckes, d'Mme Wagener an den Här Bisdorff. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Willy Bourg.

1. Projet de loi 4771 relatif à l'extension et à la modernisation du Centre de conférences à Luxembourg

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Willy Bourg (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Europäesch Unioun steet virun hirer bis dato gréisster Erweiterung. D'Paräiser Traitéen iwwert d'CECA vun 1951, déi vu Roum iwwert d'Communauté économique européenne an den EURATOM-Vertrag vun 1957 sinn uganks nëmme vun de sechs Membres fondateurs ënnerschrifwe ginn. Duerno huet sech d'Europäesch Unioun véiermol, an zwar an de Joren 1973 mat Dänemark, Irland an England, 1981 mat Griichenland, 1986 mat Portugal a Spuenien, an 1995 mat Éisträich, Finnland a Schweden erweidert.

D'Erweiterung, déi usteet, stellt bis elo déi gréissten Erausforderung fir d'EU duer. D'Populatioun gëtt ëm 105 Milliounen an den Territoire ëm 34 % méi grouss. Mä net nëmme um demographeschen a geographeschen

Plang vergréissert sech d'EU, mä och um Niveau vun der geschichtlecher a kultureller Vielfalt.

Am Kontext vun den zukünftigen Erweiterungen ass de Réaménagement an d'Moderniséierung vum Konferenzzentrum um Kierchbierg absolut noutwendeg. Lëtzebuerg huet zoudeem am éischte Semester 2005 d'Présidence vun der Europäescher Unioun. De Konferenzzentrum muss also spéitstens bis zu deem Zäitpunkt opérationnel sinn. Dofir gëllt et elo schnellstens déi néideg Infrastrukturen ze schafen.

D'Décisioun vum Sommet vun Edinburgh 1992 an den annexéierte Protokoll am Amsterdamer Vertrag vun 1997 verankeren, dass d'Séizunge vum Ministerrot an de Méint Abrëll, Juni an Oktober zu Lëtzebuerg ofgehale ginn. Lëtzebuerg behält doduerch säi Statut als eng vun den europäeschen Hauptstied.

Am Kontext vun

- der Erweiterung vun der Europäescher Unioun,
- Lëtzebuerg als eng vun den europäeschen Hauptstied,
- der EU-Présidence am éischten Semester 2005

huet dese Projet fir Lëtzebuerg eng besonnesch Wichtigkeet an Aktualitéit.

De Projet gouf de 16. Februar 2001 vun der Mme Bauteminister virgeluegt. De Statsrot huet en den 13. Mäerz aviséiert. An der Sëtzung vum 26. Mäerz 2001 gouf de Rapporteur désignéiert an den Text an den Avis vum Statsrot analyséiert. De schrëftleche Rapport gouf an der Sëtzung vum 14. Mee mat enger Abstentoun ugehol.

De Bauplang ëmfaasst e grouss Konferenzsaal, an deem 28 Delegatiounen Plaz fannen, Annexen an nei

Raimlechkeeten, déi den nationalen Delegatiounen zur Verfügung stinn. Dobäi kommen nach d'Infrastrukture fir d'Press, déi weinst de Sécherheitsmoosname musse strikt vun de Konferenzraum getrennt sinn, déi awer trotzdeem an der Reichweit vum Konferenzsall leie mussen. Bei deene wichtigste Rotssëtzunge si bis zu 700 Journaliste present. An der Moyenne sinn et der 300. Beim leschten EU-Sommet, Dir erënnert lech vläicht, waren net manner wéi 3.500 Journalisten op der Plaz.

Natierlech gëtt de Konferenzzentrum duerch adequat Infrastrukturen ergänzt, wéi zwee ënnerierdesch Parkinge mat net manner wéi 1.800 Parkplazen, Atelier, Technikraum an Dépôts. Fir eng adequat Verbindung vum Boulevard Kennedy a Fort Thüngen sécherzestellen, ass en ënnerierdesche Gank virgesinn.

Déi éischt Vokatioun vum neie Konferenzcenter ass, dass de Conseil reibungslos iwwert d'Bühn geet. Niewent Konferenz vum aneren europapolitische Gremien si Konferenz mat Drëttstate virgesinn. Mat deenen neien Infrastrukture si simultan véier Konferenz méiglech, mat enger jeweiliger maximaler Participatioun vu 600 bis 700 Persounen. An där Zäit wou keng europäesch Sommeten oder Konferenz stattfannen, kënnen d'Infrastrukture fir Manifestatiounen privater oder kommerzieller Aart zur Verfügung gestallt ginn.

Deen neie Centre européen ass vum renomméierte katalaneschen Architekt Ricardo Levi Bofill entworfen ginn, deen ënnert anerem déi nei Gare vu Bologna an de Commerce- a Business-Center vu Castellana Norte zu Madrid entworfen huet. De Ricardo Bofill wollt e kloert urbanistescht Konzept, dat déi nei Philharmonie, déi an der Mëtt vun der aménagéierter Plaz steet, en évidence setzt. Déi global Konzeptioun stellt och eng Erneiereung vum héchsten Tuerm vun der Stad Lëtzebuerg duer, an ech wëll op där Plaz aus dem techneschen Deel zitieren: „A la fois signal d'un lieu prestigieux oscillant entre culture nationale et rencontre des nations, la tour, dont l'origine était inscrite un peu au hasard dans une nature sans repères réels, devient à l'instar des beffrois des villes médiévales, un jalon structurant de l'urbanisme de la nouvelle ville du plateau de Kirchberg“.

Den Tuerm gëtt also Partie intégrante an d'Charnière centrale vum neie Konferenzzentrum, ouni säin eegestännege Charakter opzeginn, an d'Delegatiouns-, d'Kommissiouns-, d'Présidence- an d'Conseilsbüro wäerten do en Ennerdaach fannen. D'Konferenzsall befanne sech de part et d'autre vum Tuerm. Och bleiwen déi méi kleng Aarbechtsraum a Reichweit vum groussen Sall. Op der Nordsäit läit den alen, nach aktuelle Konferenzsall. Op der Südsäit kënn den neie Sall bäi. All dës Funktiounen agencéieren sech ëm e générale Foyer, dee sech op der ganzer Läng vum Projet ausdehnt an un d'Place de l'Europe ugrënz.

Am Fong geholl gëtt deen neie Centre européen een Dräieck, deen duerch de Boulevard John F. Kennedy, de Bâtiment Schuman, de Bâtiment Alcide de Gasperi an duerch deen neie Konferenzzentrum ofgegrenzt gëtt. An d'Mëtt, wéi gesot, déi nei Philharmonie. Béidsäiteg vum Boulevard kommen zwee nei Tuerm mat Bürosraumlechkeeten. Déi architektonesche Ersaufuerderung besteet doranner, déi wéineg homogène Architektur vum Konferenzzentrum an een eenzeg Gebai ze integréieren. D'Konzept hieft zwee Elementer ervir: E groussen transparente Foyer an seng Annexen, dee sech op enger Läng vum 300 Meter ausdehnt, an de Bâtiment-Tour Alcide de Gasperi mat senger Héicht vun 82 Meter. D'Fassad vum deem Gebai muss allerdings restauréiert ginn, fir sech an dat nei architektonescht Konzept ze integréieren. D'Regierung wëll och dovun profitéieren, fir de ganze Komplex ze renovéieren.

Während de Moderniséierungsarbechte bezéien d'Fonctionnaire vum Europaparlament déi zwee nei Bürostuerm. Deen neie groussen Sall muss bis Enn 2004 fäerdeg si weinst der Lëtzeburger Présidence am Joer 2005. Während deen Aarbechte muss de Centre de conférences awer nach ëmmer opérationnel bleiwen, fir d'Sëtzunge vum Conseil ofzehalen.

D'Aarbechten hunn e Gesamtkäschtepunkt vu 6,5 Milliarden, ronn 161 Milliounen Euro. Et ass ee gewaltige Projet. Ech weess net, ob mer schonn esou een deieren hei gestëmmt hunn. D'Bauphasen deele sech an dräi an. Déi éischt Phas gesäit d'Realisatioun vum neien Deel vir. Déi zweet Phas gesäit d'Renovéierung vum Tuerm vir. An der drëtter Phas gëtt den aktuelle Konferenzsall moderniséiert. Weider Detailler kënn Dir am schrëftleche Rapport an an de Pläng noliessen.

Ech wollt awer nach eng Particularitéit ervirsträichen an zwar d'Energieversuergung, déi duerch d'Cogénératiounszentral um Kierchbierg iwwert de Réseau urbain assuréiert gëtt.

Et bleift nach ze soen, dass de Statsrot keng Objektivatiounen zu deem Projet hat an d'Aarbechten an der parlamentarescher Kommissioun schnell zu engem Ofschluss komm sinn.

Ech kommen zum Schluss vu mengen Ausféierungen a wëll nach eng Kéier op d'Wichtigkeet vun deem Projet fir Lëtzebuerg hiweisen a bieden lech, dese Projet mat grousser Majoritéit ze stëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Nicolas Strotz.

Discussion générale

M. Nicolas Strotz (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4771 iwwert d'Extensioun an d'Moderniséierung vum Centre de conférences um Kierchbierg ass ee Projet, dee fir eist Land a fir eis Haaptstad, eng vun den europäeschen Haapt-

stied, vu grousser Wichtigkeet ass, geet et dach drëm, déi néideg Infrastrukturen ze schafen, fir eisen zukünftegen Aufgaben an Europa gerecht kënnen ze ginn.

Si mer haut nach en Europa vu 15 Länner, esou si mer muer eent vun 20 an iwwermuer eent vun 28 Länner. Och wann de Referendum an Irland, deem säin Ausgang ze bedauern ass, der Osterweiterung e klengen Dämpfer verpasst huet, esou muss dee Prozess awer konsequent weidergefouert ginn. Mir müssen deene Länner eng Chance ginn, fir sech an Europa anzubauen, fir dass och mir mat hinnen a Friden an a Wuelstand weider kënnen liewen.

Als europäesch Hauptstadt mussen mer eis op déi no Zukunft preparéieren an dozou gehéieren nun emol déi néideg Infrastrukturen. Mir dierfen net hannert deenen aneren europäeschen Hauptstied zrëckstoën. De Kampf tëscht Bréissel a Stroossbuerg, fir e Maximum vun europäeschen Institutiounen ze kréien, ass voll amgaang, an dofir müssen och mir all Effort maachen, fir eis Engagement an puncto Politique du siège voll ze dokumentéieren.

Et geet hei drëm, d'Aarbechtsplazen ze halen an ausbauen, an et geet drëm, fir en äusserlecht Zeechen ze setzen, dass mer als klengt Land och weider wëlle mat schwätzen. Et geet ëm vital Lëtzebuerger Interessen.

D'Raimlechkeeten, déi benéidegt ginn, fir déi europäesch Conseilssëtzen ofzehalen, müssen esou gestallt ginn, dass e reibungslosen Oflaf garantéiert ass, dat heescht, dass de Projet den zukünftege Besoine vun der europäescher Erweiterung Rechnung dréit, an dass déi eenzel Regierungsdelegatiounen, d'Traducteuren, d'Press, an esou weider, déi raimlech an technesch Aarrichtunge virfannen, déi se benéidegen, fir eng korrekt a schnell Aarbecht ze maachen a sech dobäi och nach wuel a sécher ze fillen.

De Projet de loi, dee mer hei virleien hunn an deen eis de Rapporteur Willy Bourg virgedroen huet, dréit deem Rechnung. Ech soen him merci fir säin exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport.

De Rapporteur bedauert awer, dass e fir esou e Projet virstellen - en huet mer dat matgedeelt -, nëmmen 10 Minutten hätt, dass en awer, fir de Projet gutt ze erklären, eng Rei vu Minutten méi gebraucht hätt.

Och wann de Projet vun haut 6,5 Milliarde kascht - deen deierste Bauprojet, esou mengen ech, dee je bis elo an deem Haus diskutéiert ginn ass - esou komme mer net derlaanscht, en esou schnell wéi méiglech ze realiséieren, an dat aus zwou Ursachen.

Éischtens, an dat schéngt mer am wichtigsten ze sinn, fir ze dokumentéieren, dass mer gewëllt sinn, wéi scho gesot, eisen europäesche Verplichtungen, déi mer et fäerdegbruecht hunn an den europäesche Vertrag ze verankeren, och nozekommen.

Zweetens, an dat schéngt mer aus prakteschen Iwwerleeungen eraus bal grad esou wichtig, vu dass de Projet vum Konferenzzentrum e Bestanddeel vun der Neigestaltung vun der Place de l'Europe ass, dass mer der Place de l'Europe endlech dee Cachet ginn, dee se als europäeschen Zentrum vun enger Europa-hauptstad verdingt.

De Moment ass et eng Plaz ouni Liewen an ouni Charakter. Et ass een Terrain vague, dee vun e puer Honnert Autoen als Parkraum genotzt gëtt. De Bau vun deem Projet wéi och dee vun der Neigestaltung vun der Place de l'Europe, e Projet, dee mer nach musse virgeluegt kréien, müssen zügig virgedriwwen ginn, wuelwëssend, dass mat all deene Projeten, déi op der Place de l'Europe nach an deenen nächste fënnef Joer ze realiséiere sinn, op deem Site mat Momenter et zu grousser verkehrstechnescher Problemer wäert kommen.

Den Zréckbau vum Boulevard Kennedy an de Bau vun zwee ënnerirdesche Parkinge mat 450, respektiv 1.300 Plazen, de Bau vun zwee Bürostierm vu 65 m Héicht lénks a riets vum Boulevard Kennedy, de Bau vun der Philharmonie, den Ëmbau an d'Moderniséierung vum Konferenzzentrum, eise Projet vun haut, de Bau vun engem Hôtel, d'Neigestaltung vun der Plaz selwer mat dem Bau vun enger ënnerirdescher Stroosseverbindung vum Boulevard Kennedy op d'Rue du Fort Thüngen, net ze vergiessen de Musée Grand-Duc Jean an de Musée de la Forteresse mat den Alentouren, dat alles ënnert der Konditioun, dass den normalen Oflaf vun den europäeschen Geschäften garantéiert ass, stellt op enkem Raum eng Erausforderung duer, wéi mer se nach ni hei zu Lëtzebuerg op deem Gebitt kannt hunn.

Iwwer 700 Leit wäerte mat Momenter op deem Site schaffen. Dese Programm wäert enorm Ufuerderungen u sämtlech Bedeelegt stellen. Och déi Leit, déi do an de Büroe schaffen, mussen vill Versteesdemech a gudden Wëlle matbréngen, fir alles dat ze erdroen, wat vu Kaméidi, Verkéiersbehënnerung an aner Emmerdementer op se duerkënnt.

D'Koordinatioun an d'Informatioun muss bei deem Projet viropstoën. Trotz alle Problemer, déi optauche kënnen, ass dee gewielte Wee, fir kuerzfristeg dee gesamte Komplex vun der Place de l'Europe ze realiséieren, awer dee richtegen.

Als negatiivt Beispill wëll ech d'Bauzäit vum Chantier um Krautmaart derniewent stellen. Fir d'éischt d'Restauratioun vum Palais, dunn d'Moderniséierung vun der Chamber, an elo den Ëmbau vum Richard- a Pränsenhaus, eent nom aneren, mam Resultat, dass mer iwwer 10 Joer amgaang sinn, an esou dee ganze Quartier duerch een éiwege Chantier perturbéieren.

Dat dierf hei op der Place de l'Europe net geschéien. Am Joer 2005, dem Datum vun der nächster Présidence, sollen all déi Projeten, déi ech opgezielt hunn,

realiséiert sinn. Ass dat de Fall, da kënne mer souwuel bei der Présidence wéi och am Kulturjoer vum Joer 2007, e Kulturjoer wat mer dann zesumme mat der Groussregioun organiséieren, eis besser duerstellen an e besseren Image no baussen ofginn, wéi dat bis elo de Fall war.

Ob dee Programm net zevill éiergäizeg ass, dat woen ech ze bezweifelen. Et sief och! Dee gewielte Wee ass dee richtegen an et muss een d'Mme Minister an hir Verwaltung félicitéiere fir dee Courage, dee se beweisen.

D'Neigestaltung vun der Place de l'Europe bis zum Joer 2005 stellt fir all Bedeelegt eng Erausfuorderung duer, wou si sech iwwertreffe mussen, an ech wënschen hinnen derbäi dat néidegt Duerchstoverméigen.

Bei der Presentatioun vum Projet vun der Gestaltung vun der Place de l'Europe am Joer 1996, huet de Ricardo Bofill d'Plaz folgendermoosse beschriwwen: „Pour définir les grandes lignes de la place, le support est avant tout la géométrie de l'implantation des bâtiments existants, le bâtiment Schuman et le bâtiment Tour. En effet ces bâtiments configurent de manière presque naturelle un grand triangle dont la pointe surplombe la vallée au sud du site. Pour y configurer un espace public vivant, il est naturel d'aligner les nouveaux bâtiments sur les bords de ce triangle.“

De Centre de conférences hält op enger Längt vun 300 m bal eng ganz Säit vun deem Dräieck an. Déi viischt Fassad, déi am Glas gehalen ass, communiquéert iwwert dee Wee direkt mat der neier Philharmonie, déi mat hirer flotter Architektur den Zentrum vum Dräieck dominéiert. Dat markant Zeeche vum Centre de conférences ass a bleift mat sengen 82 m d'Héichhaus. Et gëtt komplett restauréiert. Nei Funktiounen ginn him zougedeelt an et integréiert sech komplett an dee ganze Centre. U seng Fassad gi Photovoltaikzelle mat agebaut, wat fir d'Architekten an d'Ingénieuren eng zousätzlech Erausfuorderung duerstellt. Dat Ganzt gëtt gehéizt iwwert d'Cogénérationsanlag vum Kierchbierg. Dëst alles beweist de Wëlle vun der Regierung, fir gestärkt an alternativ Energien ze investéieren.

Op d'Andeelung an d'Zoudeelung vun de Bürosraimlechkeeten a Konferenzraim, wouvun an deem Gréisste fir 1.000 Leit Plaz ass, wéi op déi technesch Detailler anzegoen, erspueren ech lech. Ech verweisen op den Exposé des motifs vum Projet, deen am Detail op déi eenzel Aspekter vum Projet ageet.

De Projet gëtt an dräi Bauphasen realiséiert, fir dass während de Bauphasen ëmmer en Deel vum Centre de conférences fir ustehend europäesch Sitzunge genotzt ka ginn. D'Aarbechte fänken Ufank 2002 un. Fir lech eng Grëssenuerdnung vun deem ganze Projet ze ginn, wëll ech just soen, dass déi jetzeg zur Verfügung stoend Raimlechkeete vum Konferenzzentrum vu 17.711 m² op 37.607 m², also ëm méi wéi dat

Duebelt vergréissert ginn. Dat sinn am Ganzen 3,76 Hektar Notzfläch. Als Verglach: Dat ass d'Fläch vu méi wéi siwe Footballsterrainen.

Sinn am Exposé des motifs och vill Detailler beschriwwen, esou ass den Devis, deen och no den dräi Bauphasen opgegliddert ass, net zevill explizit, wat am Fall vun deem Projet och guer net einfach ass, besonnesch an deem Stadium, wou mir elo hei de Vote zum Projet virgeluegt kréien. Iwwert dësen Ëmstand hu mer an der leschter Zäit des Öftere scho geschwat.

Ech hoffen, dass wann elo déi eng oder aner Ëmännerung um Projet am Laf vun der Exekutioun aus technescher, organisatorescher oder aus wéi enger Ursaach och ëmmer, virgeholl muss ginn - an déi wäerte bei engem Projet vun esou enger Envergure net ausbleiwen -, net direkt vun Dysfonctionnementen geschwat gëtt.

Als President vun der Kommissioun vun den Travaux publics géif ech de Wonsch ausdrécken, dass mer während der Exekutioun vun deem Projet, mä net nëmme vun deem, mä vun all deem, wat op der Place de l'Europe geschitt, a regelméisseg Ofstänn informéiert an domat agebonne géife ginn an de Fortgank vun deem riesege Bauprojet, zu deem ech och den Accord vu menger Fraktioun géif ginn.

Ech soen lech merci.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Den Här Strotz huet seng Riedezäit net ausgefëllt, hien hat 29 Minutten zegutt.

M. le Président.- Den Här Strotz ass e gutt Beispill.

M. Nicolas Strotz (CSV).- Et deet mer leed, dass den Här Rapporteur Bourg net ka vun deene Minutten, déi mir iwwregbleiwen, profitéieren, wa mer d'Reglement à la lettre applizéieren.

Une voix.- Da musse mer kucken, dass mer dat änneren.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här Strotz, Dir hutt an zeng Minutte ganz vill Einzelheete gesot.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Fayot.

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Regierung leet e Projet vir, fir de Konferenzzentrum um Kierchbierg fir 6,5 Milliarden ze vergréisseren an ze moderniséieren. Haut ass de Konferenzzentrum en Ensembl vu véier Sitzungssäll mat Annexen, déi an der Haaptsaach fir Sitzunge vun der EU gebraucht ginn. Doniewent fannen heiansdo nach privat oder öffentlech Sitzungen dora statt.

Deen neie Konferenzzentrum schaaft an der Haaptsaach e grouse Sitzungssall fir bis 1.000 Leit mat deenen néidege Büro fir d'Delegatiounen. Dat ass ganz sécher e Signal fir d'Dynamik vu Lëtzebuerg als Europastad niewent Bréssel a Stroosbuerg, déi jo och schonn op esou e Wee gaange sinn. Dëse Projet muss

een och am Gesamtkontext vun der Sëtzpolitik vu Lëtzebuerg gesinn.

Lëtzebuerg huet, wéi scho gesot, duerch europäesch Décisiounen vun 1965 an 1992 an och duerch de Vertrag vun Amsterdam, Rechten a Flichten um Gebitt vun de Sëtzer vun europäeschen Institutionen, Agencen an Organisme krut.

Déi Sëtzer bréngen onsem Land niewent Obligatiounen ganz vill Virdeeler, europäesch an international Notoriétéit, onverkennbar wirtschaftlech Virdeeler, zum Beispill d'Kafkraaft vun de Fonctionnaires, d'Zesummeliewe mat enger internationaler Communautéit vu Beamten, Riichter, Spezialisten vun all Zort.

Et gëtt dofir e Konsens zu Lëtzebuerg säit de 50er Joren, fir ons Sëtzpolitik aktiv ze bedreiwen. Dat verhënnert natierlech net, dass och emol géint d'Europäer gebaut gëtt. An deem Zesammenhang hunn ech mat engem gewëssenen Amusement am Exposé des motifs gelies, wou d'Ziele vu Beamten, Journalisten, Ministeren zesummegefaasst gi mat deem schéinen Ausdrock „tout ce monde doit être convenablement pris en charge“. Et hätt nach gefeelt, dass den Exposé des motifs gesot hätt „tout ce beau monde“, mais enfin!

Keen ausser vläicht dem ADR huet je a Fro gestallt, dass Lëtzebuerg Europahauptstad a Sëtz vu Conseil, Kommissioun, Parlament, Gerichtshaff, Rechnungshaff a soss weider Organisme soll sinn a bleiwen. Déi Opzielung ass wichteg fir ons Sëtzpolitik.

Sech weider asetze fir d'Europahauptstad Lëtzebuerg, dat ass eng wesentlech Noutwendegkeet fir d'Lëtzebuerger Politik an zu där Politik gehéieren Investissementen an e permanent politescht Engagement.

Am Zesammenhang mat dëser Sëtzpolitik muss een de virleiende Projet selbstverständlech och begrëssen, grad ewéi een anerersäits eng Partie Ennerloosungen, respektiv Onklarheete vun der Lëtzebuerger Sëtzpolitik bedauere muss. Ech erënnere zum Beispill drun, dass d'Lëtzebuerger Regierung d'accord war, weider 99 Beamte vum Europaparlament vu Lëtzebuerg op Bréssel ze transféréieren, an dass et eng systematesch Politik vun deem Europaparlament ass, de Site Lëtzebuerg lues a lues auszebludden a méiglechst vill Beamten op Bréssel ze transféréieren, dat géint de Wëlle vun de meeschte vun deene Beamten, mä leider mam Accord vun der Lëtzebuerger Regierung. An där Optik fannen ech den Accord Juncker-Fontaine, dee viru kuerzem ofgeschloss ginn ass, e weidere Réckschritt fir d'Präsenz vum Europaparlament zu Lëtzebuerg.

Eng grouss Onklarheet ass och zurzäit, wéi d'Zukunft vun de Kommissiounsdeegschter zu Lëtzebuerg wäert sinn. Och do si Restrukturierungen am Kader vun der Reform vun der Kommissioun zu Bréssel amgang, déi drop erauslafen, Beamten a wichteg Servicer vu

Lëtzebuerg op Bréssel ze transféréieren. Mir sollen ons do dergéint mat aller Energie wieren. Ons Kaarten, ech wëll dat hei ennersträchen an et ass scho gesot ginn, si vertraglech ofgeséichert a sinn dofir excellent.

Et gëtt als Gégeleeschtung fir d'Ofzëie vu Kommissiounsservicer an Aussicht gestallt, d'Agence alimentaire européenne kënnt eventuell op Lëtzebuerg kommen. Doriwwer ass säit laanger Zäit net méi geschwat ginn. D'Schafung vun där Agence ass vum Europaparlament virun dräi Wochen décidéiert ginn. D'Sëtzfro sollt bekanntlech zu Göteborg diskutéiert ginn. Dat ass awer net geschitt, an et wäert nach eng Zäit dauere bis do eng Décisioun fält.

Mir müssen ons och weider an dem Kader vun der gesamter Sëtzpolitik Gedanke maachen, fir de Centre de traduction, deen ënnert schwierige Konditiounen schafft, definitiv ze logéieren.

De virleiende Projet wär, menger Ansicht no, fir d'Regierung eng gutt Geleeënheet gewiescht, fir en allgemengen Iwwerbléck iwwert d'Objektiver an d'Aussichten, grad wéi iwwert d'Methode vun der Sëtzpolitik ze ginn, an dësen Investissement an dee Kontext ze stellen. Esou wéi nämlech dëse Projet verfaasst ass, enthält en eng Partie Onklarheeten, déi leider vläicht net mat där néideger Präzisioun am Exposé des motifs vum Projet oder och am Rapport vun der Chamberskommissioun opgekläert goufen. Zum Beispill: Wéini gëtt de Bâtiment Tour, dat heescht d'Gebai Alcide de Gasperi vum Europaparlament fräi gemaach? Dëst ass en zentraalt Element vun dësem Projet. Et gëtt ons gesot, dat wär am Joer 2002, dat heescht méi genee Enn 2002, well d'Europaparlament dann ee vun deenen zwee oder déi zwee, dat ass och net ganz klor, nei Tiern géif besetzen, déi derniewent gebaut ginn.

Ech hunn am „Lëtzebuerger Wort“ vum 14. Juni e Reportage iwwert déi Aarbechten op der Place de l'Europe gelies an do geet Rieds, dass déi Tiern sollten am Oktober 2003 fäerdeg ginn, dat heescht, dass spéitestens no Oktober 2003 de Bâtiment Tour kënnt vum Europaparlament eidel gemaach ginn. Dat ass also keng Klarheet. Et ass och net klor, ob d'Europaparlament een oder déi zwee Tiern, déi sougenannt Tiern Giorgetti, besetze soll. Et gëtt och gesot am Text vum Exposé des motifs, dass déi Tiern Ufanks 2001 sollten ugefaange ginn ze bauen. Dat ass jo manifestement net de Fall. Apparement hu se Mëtt Juni ugefaangen dorun ze bauen. Do ass also schonn e Retard vu sechs Méint komm. Dat ass ee Punkt, deen d'Mme Minister ons klorstelle misst.

Ech hunn och mat Erstaunen am Bericht vum Här Bourg gelies, dass deen Tuerm oder déi Tiern, déi d'Europaparlament zäitweilleg besetze soll, eng reng privat Operatioun soll sinn, mat där de Lëtzebuerger

Stat iwwerhaapt näischt ze dinn hätt, weder iwwert de Budget nach iwwert d'Loi de garantie.

Ech kann awer bal net gleewen, dass de Stat am Kader vu senger Sëtzpolitik sech total do eraushält; fir mech ass dat wéi wann ee géif soen: Macht wat der wëllt, mir ass dat egal. Ech ka mer net virstellen, dass d'Europaparlament d'accord war mat engem private Promoteur, zum Beispill iwwert de Loyer ze verhandelen. Et misst dach esou sinn, dass de Stat dat Gebai fir d'Europaparlament lount zu engem Präis, deem eventuell deesewechte misst si wéi fir de Bâtiment Tour, deem et jo soll ersetzen, ofgesinn dovun, dass nach eng Kéier d'Fro vun der Plaz an engem vun deenen Tërm do sech stellt.

Da schéngt mir eng drëtt Fro aus deem erauszegoen, wat am Exposé des motifs steet oder am Rapport vum Här Bourg. Et gëtt net gesot, wat eigentlech mam Bâtiment Tour geschéie soll. Ech sinn der Meenung, et soll een dat Gebai do ganz auskären, dat heescht, et soll een et ganz eidel maache bis op d'Gerëpp, ënner anerem fir sécher ze stellen, dass keen Asbest méi dran ass.

E weidere Punkt, deem - ech fannen - interessant war ze héieren, dass ons géif gesot ginn, wat am Kader vum architektonesche Konzept vun der Plaz mam Bâtiment Schuman soll geschéien, ob dat Gebai och an der Renovatioun soll seng Plaz kréien.

Schliesslech gëtt och net gesot, wéi zum Beispill d'Europaparlament am Hëllef op d'Erweiterung sech zu Lëtzebuerg logéiere soll, well ëmmerhi sinn, trotz Ofzuch vu Beamten op Bréssel, bei der Erweiterung méi wéi 400 nei Poste fir d'Europaparlament virgesinn, an do war et interessant ze héieren, wéini de Bâtiment administratif Kirchberg vergréissert gëtt a wéi d'Planung dovun ass.

Een anere Punkt, dee sech an deem Zesummenhank stellt, war ze wëssen, wat mam Hémicycle an Zukunft geschitt, dee jo ëmmer eng gewësse Roll bei Pressekonferenze gespillt huet.

Wa mer elo en neie Konferenzsall vu bis 1.000 Leit kréien, da brauche mer allerdéngs deem Hémicycle net méi fir déi echt europäesch Tachen an et wier interessant ze héieren, wat weider mat deem Hémicycle soll geschéien.

En anere Problem, Här President, ass viru kuerzem an der Budgetkontrollkommissioun opkomm, wéi mer beim Bericht vum europäesche Rechnungshaff iwwert déi dräi Extensioun vum europäesche Geriichtshaff geschwat hunn. Ons Kommissioun huet dobäi d'Konklusioun gezunn, dass an Zukunft fir all Investissement fir déi europäesch Institutiounen eng schrëftlech Ofmaachung virleie soll, déi kloer an däitlech d'Konditiounen an d'Modalitéiten tëschent dem Stat an den europäeschen Institutiounen festleet. Dës hu mer eestëmmege esou an der Kommissioun iwwer all

Parteigrenzen eraus ugeholl an ech wier interesséiert ze héieren, ob dës Ofmaachung tëschent dem Conseil, wat jo eng eegestänneg Institutioun ass, an der Lëtzebuurger Regierung besteet, oder ob et d'Absicht ass esou eng Ofmaachung ofzeschleissen.

Här President, de virleiede Projet ass e groussen a schéine Bauprojet, mat interessante Perspektiven am Zesummenhank mat där neier Plaz an dem Concertsall. E soll bis zur Présidence vu Lëtzebuerg am Joer 2005 mat deenen zwee Parkingen an enger éischter Phas mat dem Konferenzsall fäerdeggestallt ginn.

Am Exposé des motifs steet, wat deem Timing ugeet: „En 2005, le Centre de conférences doit être pleinement opérationnel“. Dat heescht jo menger Ansicht no net, dass dee ganze Projet bis 2005 fäerdeg wäert sinn, mä et wier vläicht net schlecht, wann een deem Zäitplang, dee fir mech elo nach relativ vague ass, emol géif hei op der Chambertribün vun der Mme Minister preziséiert kréien.

Mir hoffen, dass mer deem Timing, dee mer ons gesat hu bis 2005, anhale kënnen. Ech hu meng Zweifel dorunner. Ech hoffen allerdéngs am Interesse vu Lëtzebuerg a vun der Lëtzebuurger Présidence, dass mer et fäerdeg bréngen.

Här President, ech fannen och, dass d'Bautekommissioun an hirem Rapport e bësse schnell iwwert de Problem vum Trafic um Kierchbiere ewechgaangen ass. Elo schonn ass jo do der Däiwel lass. Gitt emol eng Kéier moies um halwer néng op de Kierchbiere, da gesitt Der, dass d'Konditiounen, ënnert deenen d'Leit do op hir Aarbecht oder an d'Schoul ginn, ënner aller Klarinett sinn. Et geet net ëm d'Ministeren, déi an de Ministerrot kommen. Déi kréien de Wee fräigemaach vun der Police. Et geet ëm den dagdeegleche Verkéier. Menger Ansicht no ass dee schlecht organiséiert an e kënnt ëmmer méi duercherneen duerch déi vill Chantieren, déi do zesumme kommen.

Schliesslech, Här President, wollt ech nach en Aspekt uschneiden, dee mech eigentlech vill geheet. Mir bauen hei fir 6,5 Milliarden en neie Centre de conférences mat immensen Dimensiounen. De ganzen Tuerm gëtt doran integréiert an et gëtt mat A plus B bewisen, dass een déi Quadratmeter alleguer brauch fir d'Delegatiounen. Bedenke mer awer, dass dee Komplex fir e puer Sitzungen an dräi Méint vum Joer, an zwar Abrëll, Juni an Oktober, gebaut gëtt an dass e riskéiert de Rescht vum Joer eidel ze stoen. Dobäi kënnt jo och nach, dass an Zukunft, wann den Traité vun Nice a Kraaft trëtt, eng Partie vun den europäesche Sommeten nëmmen zu Bréssel stattfanne wäerten a mer dann och emol net méi 2005 wäerten zwee europäesch Sommeten zu Lëtzebuerg kënnen ofhalen.

Mir hunn näischt dergéint, fir dat hei esou ze bauen, mä mir hätten awer gär e Konzept wéi mer dat eidelt Gebai de Rescht vum Joer gëréieren an exploitéieren

an et fir aner Zwecker opmaachen. Dat schéngt mer absolut wesentlech ze sinn, och fir d'Beliewung vun där Plaz. Wa mer op där enger Säit vun där Plaz a bal mat déi wichtegst Säit vun där Plaz en eidelt Gebai stoen hunn, wou just e puer Gardienen an e puer Huissieren dorëmmer lafen a soss näischt geschitt ausserhalb vun deene Méint wou Conseilen zu Lëtzebuerg sinn, ech mengen, dann hätte mer net gutt geschafft an dofir sinn ech der Meenung, dass mer e Konzept missten ausschaffen, wéi een dat kënnt während dem Rescht vum Joer exploitéieren.

Här President, meng Fraktioun wäert dëse Bauprojet stëmmen. Mir fannen de Projet schéin a funktionell. Mir fannen, dass et e wichtegen Investissement am Kader vun der Lëtzebuerger Sëtzpolitik ass. Ech kann awer net ëmhin nach eng Kéier meng Enttäuschung iwwert d'Onkloerheete vun der Regierung hirer Sëtzpolitik auszedrécken. Ech hätt och fonnt, dass 6,5 Milliarden, wat eng enorm Zomm ass, e bësse méi konzeptuell Gesamtiwwerleeung, méi vernetztent Denken a virun allem och e Konzept fir Aktivitéiten ausserhalb de Conseilssitzungen verlaangen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här John Schummer agedroen. Den Här Schummer huet d'Wuert.

M. John Schummer (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Erlaabt mer un éischter Stell dem Kollege Willy Bourg fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport merci ze soen. Dee schrëftleche Rapport enthält alleguer déi technesch Donnéeën, déi ee brauch fir sech mam Projet ze familiariséieren, esou dass et net absolut noutwendeg ass, fir nach eng Kéier op alles anzegoen.

Dat erlaabt mir et och, nodeem den Här Strotz an den Här Fayot eng Partie Saache gesot hunn, vu menger Ried e puer Stécker ze iwwersprangen.

Dëse Projet de loi huet ouni Zweifel eng wichteg Bedeitung fir Lëtzebuerg als eng vun deenen dräi Villes-siège vun der Europäescher Unioun. Fir dass Lëtzebuerg senger Roll als Ville-siège an enger erweiterter Europäescher Unioun ka gerecht ginn, muss de Centre de conférences ausgebaut ginn. Regelméisseg ginn am Centre de conférences vum Kierchbierg Réunioune vum Conseil des Ministres ofgehalen. Den Ausbau vum Centre de conférences soll et erlaben, dass alleguer d'Infrastrukture gi sinn, fir dass, wann d'Europäesch Unioun bis zu 28 Memberen zielt, d'Reunioune vum Conseil des Ministres an deem hinne gebührende Kader ofgehele kënnen ginn.

Et ass och wichtig, dass déi Extensioun elo stattfënnt. Och wa mer nach net direkt zu 28 sinn, esou steet awer op d'mannst schonn eng wichteg Echéance fir Lëtzebuerg um Plang. Am Joer 2005 iwwerhëlt Lëtzebuerg nees fir sechs Méint d'Présidence vun der Euro-

päescher Unioun. Dat heescht, dass dann d'Aarbechte vun der Extensioun musse fäerdeg sinn. Dofir ass och virgesinn, dass déi Aarbechte bis Enn 2004 sollen ofgeschloss sinn.

D'Extensioun vum Centre de conférences ass och am Kontext vun deem neien Aménagement vum der Place de l'Europe vum Kierchbierg ze gesinn, wat e groussen zentralen Dréi- an Aangelpunkt soll um Kierchbierg ginn. Do soll jo och deen neie Concertsall gebaut ginn, souwéi déi zwee Tierm an da soll d'Fassad vum Bâtiment Tour, wat jo u sech d'Wahrzeeche vun den Institutionen zu Lëtzebuerg ass, komplett renovéiert ginn.

Ze begrëssen ass och, dass d'Regierung wëlles huet, de Bâtiment Tour, vun deem elo grad scho geschwat ginn ass, ganz ze renovéieren, wat wierklech net vu Muttwëll ass, wann ee bedenkt, dass dat Gebai am Ufank vun de 60er Jore gebaut ginn ass.

Hei geet et och drëm, deene Beamten, déi do schaffen, en appropriéierte Kader an all méiglech technesch Moyenen zur Verfügung ze stellen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Lëtzebuerg muss sengem Image als Ville-siège gerecht bleiwen andeem et all néideg Efforte mécht, fir dat ze garantéieren.

Ech sinn awer och mam Här Fayot total d'accord, dass wa mer esou e Komplex bauen, deen déi Envergure finanziere huet, déi mer müssen op den Dësch leeën, dass ee sech wierklech seriö Gedanken muss maachen, wat een an deenen aneren néng Méint mat deem Gebai ka maachen an dass och d'Beliewung vun der Place de l'Europe domat steet a fält.

Zum Schluss géing ech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Et ass wichtig, datt mer haut iwwert déi ganz Froen, déi sech um Kierchbierg stelle wat d'Sëtzpolitik, wat d'Bautepolitik vun der Regierung ugeet, e puer Commentaire maachen.

Fir d'éischt wëll ech festhalen, dass den ADR, grad wéi déi aner Parteien, solidaresch ass mat der Regierung wat d'Verteidigung vun der Sëtzpolitik ugeet. Mir musse kucken, datt Lëtzebuerg eng vun den Haaptstied vun Europa bleift an datt mer all déi Institutionen, déi mer hunn, hei behalen. D'Fro, déi sech just stellt, ass, dass, wann négociéiert gëtt, mer deen Abléck kucke fir gutt ze négociéieren a fir eng eenheetlech Vue ze hunn.

Wann ech awer gesi watfir eng Bauprogrammer diskutéiert ginn, wann ee feststellt wie wou wat

négociéiert, da gesäit een, dass an dëser Regierung vill Duercherneen ass.

De Ministère des Affaires étrangères négociéiert. D'Bâtiments publics négociéieren. De Premier négociéiert an de Buergermeeschter vum Kierchberg, de President vum Fonds d'urbanisation du Kirchberg.

Ech mengen, datt een dat alles kann ënner een Hutt bréngen, mä dann ass et awer nach heiansdo vill Duercherneen an et gesäit een dofir, dass e puer europäesch Institutiounen direkt ufänke mat deem engen oder deem aneren ze négociéieren, je nodeem wou se am beschten ewechkommen. Ech fannen et awer net gutt, wa keng Koordinatioun do ass, a mir hätten eis vun der Regierung e bësse méi Koordinatioun erwaart.

Dat Zweet ass, datt ee muss feststellen, dass um Kierchberg immens vill gebaut gëtt. Den neutrale Beobachter freet sech all Kéiers, wann en all puer Méint iwwer eng nei Strooss fiert.

Mir gesinn och als Deputéiert, datt wann een den Numm Fonds du Kirchberg héiert, dass dat meeschtens an Zesummenhank bruecht gëtt, an net zu Onrecht, mat Enquête vun der Cour des Comptes européenne iwwer düster Praktiken, iwwer Dysfonctionnement, Dépassement ...

(Interruption)

... „düster Praktiken“, dat ass den Ausdrock, deem d'Cour des Comptes européenne gebraucht huet fir déi Pratiques financières vun der Loi de garantie ze qualifizéieren. A mir sinn absolut mat där Kritik d'accord.

Ech erënnere mech, datt mer net déi eenzeg woren, déi mat där Praktik net d'accord waren. Eng augenblécklech Regierungspartei huet dat och ganz oft hei als en onduerchsichtge Finanzéierungsmodus duer geluegt, an et gesäit een all Dag méi, datt mer dobäi Recht behalen hunn, well duerch dee Modus besteet keng Transparenz méi, datt anstatt et méi bëlleg soll gi wéi et virgesi wor, ee gesäit, dass et iwwert dee Wee vun där Finanzéierungsmethod ëmmer méi deier gëtt.

Ech gesinn och, datt deem Devis, dee mer hei virleien hunn, vü dass e bei der Place de l'Europe nees eng Kéier uesiedelt ass an zum Beispill de Programme „Alentouren“ net dobäi steet, datt mer héchstwahrscheinlech iwwer kuerz oder laang, grad wéi bei deenen anere Gebailechkeeten op der Place de l'Europe oder Émgéigend, nees en Dépassement de devis kréien.

(Interruption)

Ech brauch net an de Kommissiounssätzungen ze sinn, weel ech net Member sinn, fir ze gesinn, datt nees e puer vun deenen traditionelle Planungen net dobäi sinn. Mir brauchen nëmmen ofzewaarden. Ech

hu vollt Vertrauen, dass et nees en Dépassement gëtt, well mir wësse wéi bis elo ëmmer hei op deene Saache geschwat ginn ass.

Et muss ee sech och nach ee puer aner Froe stellen, nämlech wéi et mat de Parkingsméiglechkeeten do steet. Mir gesinn, datt am Projet de loi 3.500 m² virgesi sinn. Wann et fir dee Centre de conférences soll gebraucht ginn, da froen ech mech ob dat duergeet, deem Abléck wou esouvill Leit op déi Plaz solle kommen.

Dat Zweet ass: Wat geschitt mat deem Centre de conférences? Dofir gëtt et jo Centre de conférences genannt, well dat ass net nëmme fir déi puer Konferenz vum de Ministeren, mä dass doriwwer eraus och soll d'Méiglechkeet geschaaft ginn, fir dass grouss international Konferenze kënnen op Lëtzebuerg kommen.

Mat deem Prinzip si mir d'accord, mä ech hunn d'Impressioun, dass wa mer de Bau do stoen hunn, mer müssen déi nächst Joren ofwaarden, fir ze gesinn, wat dann do konkret soll realiséiert ginn. Dofir wär ech frou, wann d'Mme Ministerin ons kënnt soen, wéi si et gesäit, d'autant plus dass se och nach Kulturministerin ass, an dass se vläicht an där Qualitéit ons soe kann, ob net verschidden aner Aktivitéite kënnen do organiséiert ginn. Wien organiséiert dat? Gëtt dat eng Privatgesellschaft oder wéi soll dat vir sech goen?

Eng aner Saach ass, dass mer gemierkt hunn, dass op der Place de l'Europe elo Aarbechten ugefaangen hunn. Ech huelen un, Mme Ministerin, dass déi Aarbechten awer net mat deem Bau am Zesummenhank sinn, well soss wiere mer jo e bëssen am Retard mat der Saach. Ech wollt och dofir froen, ob dee Planning, deem Dir ons bis elo virgeluegt hutt, ob dee kann agehale ginn oder net?

Mir soen als Fraktioun jo zu dem Projet, mä et ass e „Jo mä“, well mer relativ Bedenken hunn iwwert deem Devis, dee mir virleien hunn, a well mer bis elo nach keng zefriddestellend Äntwert kritt hunn iwwert dat Konzept, wat mat deem Centre de conférences soll geschéien. Dat gesot, wäert den ADR dëse Projet stëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Renée Wagener.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert net nach am Detail agoen op déi Punkten, déi elo schonn hei zu deem Projet ernimmt gi sinn, ech wollt haaptsächlech e puer Saachen eraussträichen, engersäits den Denkmalschutz an d'Fro vun der Finanzéierung vun deem Projet, dee mer hei opriichten.

Zum éischte Punkt vum Denkmalschutz, do geet et mer haaptsächlech drëms, fir nach eng Kéier op de Bâtiment Tour zrëckzekommen. Dee Projet, dee mer

hei virleien hunn, dee gesäit nämlech vir, dass dëse Bâtiment Tour soll mat integréiert ginn an d'architektonescht Konzept. Et gëtt dann och am Projet de loi vun enger Composition architecturale contextuelle geschwat. Dir kënnt lech vläicht erënneren, dass mer schonn 1995 hei ee Projet virgeluegt krut haten, fir d'Fassad vun dem Héichhaus ze erneieren an eigentlech och ganz staark ze veränneren. Deemools schonn hat ech d'Fro opgeworf, ob dat onbedéngt déi gutt Richtung wär. Mir gi mat deene Gebaier aus de 50er a 60er Joren, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, net ëmmer zaghaft ëm. Dat huet e bëssen dermat ze dinn, dass déi och net ganz vill Succès bei de Leit fannen, mä ech wëllt nach eng Kéier drop insistéieren, dass och dat architektonesch Zeie si vun enger Zäit, an dass mer am Fong missten an eng aner Richtung do goen.

(Interruption)

Vläicht net alleguer, Här Fayot, mä d'Héichhaus ass, esou wäit ech weess, dat eenzegt Gebai, wat mer an deem Stil a vun där Envergure zu Lëtzebuerg hunn. Dofir mengen ech, dass ee sech et hei wierklech misst iwwerleeën, ob een op de Wee geet, fir dat elo einfach ze veränneren, oder esou wéi Dir virdru gesot hutt, och ze entkernen. Et misst ee vläicht am Virfeld emol einfach eng Analys maachen, esou wéi dat och bei aneren architektonesch interessante Projete gemaach gëtt, fir ze kucken, wat derwäert ass, erhalen ze ginn, wat kënne mer erhalen, an dass een dann doraus Konklusiounen zitt.

Wéi gesot, déi Architektur gëtt net terribel héich gehalen zu Lëtzebuerg. Et stellt een och fest, dass et bei deene Gebaier, déi zu Lëtzebuerg geschützt sinn ënnert dem Denkmalschutzgesetz, dass et där ganz wéineg gëtt. Och do misst ee vläicht méi Efforte maachen.

A wann ech dann de Rapport vun eiser Kommissioun liesen zu deem Sujet, da kann ech hei zitieren: „Quant aux critiques de l'architecte du bâtiment Tour“ - dee sech nämlech selwer och an där Saach zu Wuert gemellt huet - „suivant lequel la rénovation de la façade de ce bâtiment telle qu'envisagée à l'heure actuelle ne correspond pas à l'esprit de sa construction, la Commission voudrait faire remarquer qu'il ne serait pas acceptable de faire figurer sur la place de l'Europe un bâtiment qui serait en désaccord avec la conception générale de la place.“

Ech mengen, dat ass e bëssen déi Approche, déi mir hei zu Lëtzebuerg hunn. Wann nei Saache gebaut ginn, da mussen déi al Gebaier sech ënnuerdnen, amplaz dass géif versicht ginn, al an nei Architektur op eng aner Aart a Weis matenaner ze verbannen, déi deenen eelere Gebaier och nach géif eng architektonesch Eegestännegkeet erlaben.

Ech muss och soen, wann ech de Projet de loi selwer liesen, do geet et eigentlech e bëssen an eng aner

Richtung wéi bei der Commission des Travaux publics, do kann een dann zum Beispill liesen: „Les façades du bâtiment Tour, dont la restauration a déjà fait l'objet d'une autorisation légale, seront réétudiées dans le cadre de ce projet, le respect de l'architecture d'origine sera certainement un des critères de base de cette étude.“

Dat kléngt jo ganz positiv, muss ee scho soen, mä trotzdeem, wann ee sech d'Konzept ukuckt, wou zum Beispill déi dräi ënnescht Stäck vum Héichhaus entkernt eigentlech ginn, fir an dee Centre de conférences mat integréiert ze ginn, da gesäit een trotzdeem, dass d'Realitéiten e bëssen anescht schéngen ze sinn. Ech hunn och d'Gefill, dass d'Héichhaus vun deem neie Gebai, wat ronderëm d'Héichhaus gebaut gëtt, e bëssen ersoff gëtt.

Mir müssen also gesinn, wéi d'Praxis sech an deem Punkt wäert entwéckelen a wéi dat herno wäert ausgesinn. Mir si jiddefalls schonn e bësse skeptesch an där heiten Hisiicht a wäerten och ganz gutt oppassen, wat do geschitt.

Just nach ee Wuert zum Denkmalschutz. Et stellt een och fest, dass an anere Beräicher de Lëtzebuenger Stat fuerchtbar vill investéiere geet. Wann ech zum Beispill u Wenzelspied denken, déi an den Alentouren existéieren, dann huet een d'Gefill, dass esou Saachen oft méi wichteg sinn, wéi den Denkmalschutz u sech vun enger ganzer Rei vu Gebaier zu Lëtzebuerg, Denkmalschutz, deen e bëssen an d'Hannertreffe geroode ass.

Nach ee Wuert zum Héichhaus, wat méi a Richtung Gesondheet geet. Mir haten öfters hei Diskussiounen iwwert d'Problematik Asbest. Den Här Fayot huet dee Punkt virdru ugeschwat. Do ass am Ufank gesot ginn, et wär just ee Stack concernéiert. Duerno huet sech awer erausgestallt, dass et anscheinend d'ganz Gebai wär, wat misst sanéiert ginn. Do wollt ech am Fong just nofroen, wou mer mat där Sanéierung dru sinn, ob déi scho geschitt ass oder ob déi elo eréischt am Kader vun deenen neien Aarbechte wäert geschéien.

Dann zu der Problematik vun deenen zwee Tierm, déi um Boulevard Kennedy opgeriicht ginn. Et ass scho gesot ginn, dass mer domat wäerten hei an der Chamber net befaasst ginn, well dat vun engem Privatpromoteur wäert an d'Hand geholl ginn. Et gi finanziell Argumenter, awer och Argumenter vun der Effizienz an d'Feld gefouert, fir deen heite Wee ze wielen. Mir mengen, dass tendenziell dat awer net onbedéngt déi gutt Léisung ass, well ëmmer méi oft Gebaier ouni d'öffentlech Kontroll gebaut ginn, a mir stellen eis d'Fro, ob dat den Trend ass, an deem et soll weidergoen.

Wann een déi do Froen opwerft a wann ee feststellt, dass et effektiv Problemer gëtt, wéi zum Beispill dass mer beim Stat éiweg Chantieren hunn, oder dass

Dépassement andauernd ustinn, fir no votéiert ze ginn, da muss ee sech méi fundamental Froen, eiser Meinung no, stellen iwwer engersäits d'Soumissiounspolitik an anerersäits de Fonctionnement vun de staatlechen Administratiounen selwer, déi sech mat deenen do Saache befaassen. Do schéngt et effektiv esou ze sinn, dass misste Reforme geschéien, dass och misst wahrscheinlech méi Personal agestallt ginn, fir dass déi Chantiers besser kéinte kontrolléiert an an d'Hand geholl ginn.

Den Här Garcia huet mech drop opmierksam gemaach, dass mer mat deem neie Projet, dee mer hei virleien hunn, dee jo vum Här Bofill entwéckelt ginn ass, eigentlech och een Architekt erausgewielt hunn, deen - obwuel hei e ganz interessante Projet virläit - awer schonn am Ausland e bësse méi kontestéiert ass, an dass zum Beispill seng Tierm, déi en zu Barcelona gebaut huet, schonn no 10 Joer hu missen ofgerappt ginn, soudass ee sech d'Fro ka stellen, wa mir hei ëmmer mengen, déi nei Architektur wär besser wéi déi al Architektur, ob dann déi nei Architektur och ëmmer esou duerhält, wéi se dat fréier vläicht gemaach huet.

Just nach e leschte Punkt, Här President, wat éischter eng Fro ass. Ech hunn, wéi ech den Text vum Projet duerchgelies hunn an och de Rapport vun der Kommissioun, am Fong mer d'Fro gestallt, wat mat deenen öffentleche Konferenzen geschitt, déi am Moment nach ganz oft um Kierchbiertag stattfannen. Ech huelen un, dass dat och spéiderhi wäert de Fall sinn, a wéi an deem Kontext d'Problematik vun den Iwwersetzungen wäert geregelt ginn, déi jo ëmmer méi wichteg och gëtt, net nëmmen an engem multilinguen Europa, mä och an engem Lëtzebuerg, wat ëmmer méi multilingue gëtt, ob an deene Säll, déi ëmgebaut ginn, respektiv bäikommen, d'Iwwersetzungsmeiglechkeeten och garantéiert sinn.

Dat woren esou déi Punkten, déi ech wollt opziele par rapport zum Projet selwer. Ech sinn awer och nach drop opmierksam gemaach ginn, dass mer hei erëm eng Kéier e Bauprojet virleien hunn, an dass mer och eng Kéier décidéiert haten, dass bei all Projet iwwert de Contenant och misst e Projet iwwert de Contenu kommen, oder wor et ëmgedréint? Ech hunn heiansdo Problemer mat deene philosopheschen Ausdréck, mä jiddefalls leeft et drop eraus ze froen, wéi et dann hei eigentlech mat dem Projet vun engem Etablissement public, respektiv vun engem aneren Etablissement steet, deen dee ganze Komplex soll gëréieren. Doriwwer hu mer am Fong guer net geschwat, an déi Fro muss ee ganz klor opwerfen, well dat hei och wierklech kee kleng Projekt ass.

Dat gesot, Här President, wëllt ech, trotz dëse verschiddene Kriticken, den Accord vu mengem Grupp zu dësem Projet ginn.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Baute-ministère Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministère des Travaux publics.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen der Chamber villmools merci, dem Rapporteur an der Bautekommissioun, dass mer dëse Projet nach konnte virun der Vakanz évacuieren. Et ass ee vun de bis elo gréissten an deierste Bauprojeten. Et ass ganz sécher e wichtige Projet, well en d'Erweiterung virgesäit a virprogramméiert, an domat sécherstellt, dass mer zu Lëtzebuerg wäerte fir d'Joer 2005, wa mer déi nächst Présidence solle kréien, prett sinn.

Ech soen all den Intervante merci an och de Fraktioun fir de Konsens, dee se hei bruecht hunn, an ech wäert mech elo beméien, fir op déi verschidde Froen ze äntweren, an dat soll ech jo dann an 10 Minutte fäerdeg bréngen.

Et ass e Bauprojet, et ass kee Projet, deen d'Politique du siège beliicht, an ech géif mech do och net qualifizéiert gesinn, fir zwee anere Kolleegen op hir Platebanden ze trieden. D'Politique du siège, dat ass dem Premier Minister seng Politik an dann der Mme Ausse-ministère hir Politik, a si wäerten do zur Zäit d'Chamberkommissioun informéieren an iwwerhaapt d'ganz Chamber. Ech huele jiddefalls déi Suerge mat, déi haut ausgedréckt gi sinn.

Ech hunn net d'Gefill, dass d'Regierung Rechter a Privilegien, déi se an Accoren ofgemaach huet, opginn huet, well Beamten, déi transféréiert gi sinn, déi bedinge jo och emol, dass een duerch eng Ëmstrukturierung vun de Services, e gréisseren Avantage ka kréien, an et ass net onbedingt den Avantage vun dem Siège hei zu Lëtzebuerg, dass mer vill Beamten hunn, wa mer keng Perspektive de carrière fir déi Leit hunn, déi hei sinn. Ganz dacks gëtt dat an deene Services, déi hei sinn, bemängelt, dass d'Leit, wa se wëllen avancéieren, souwéi vu Lëtzebuerg géifen ofgezu ginn. Dofir gehéiert och dat Konzept zur Politique du siège, dass een dann och d'Struktur an der Hierarchie esou opbaut, dass et awer dann och eppes duerstellt fir deen, dee wëllt eng Carrière maachen, dass deen och d'Méiglechkeet huet, dat dann hei zu Lëtzebuerg ze maachen.

Ech si selbstverständlech der Meinung, dass mer net sollen eis Chance verspillen, andeems mer Institutiounen verpassen, wéi elo d'Agence alimentaire, mä mir hunn op där anerer Säit awer och Conscience, dass mer e gewëssenen Drock hunn, besonnesch wat d'Ennerbréngen vun neien Institutiounen ugeet, an dass mer eis do an Europa mussen esou behuelen, dass mer stänneg bereet sinn et ze kréien, mä dass mer eis awer net an déi viischt Fënster stellen. Ech mengen, dat huet de Premierminister och elo gemaach bei der Diskussioun ëm d'Agence alimen-

taire, a wa mer se kréien, dann huele mer se natierlech.

Ech denken, datt mer da vläicht zu deene Froe kënnen iwwergoen, déi méi technescher Natur sinn. Den Här Fayot huet gefrot, ob et och eng schrëftlech Ofmaachung tëschent dem Conseil géif ginn. Mir sinn amgaang ze négociéiere mat all deenen anere Partenaire, Europaparlament a Kommissioun, an och mat der Cour des Comptes. D'Cour des Comptes ass dat éischt Beispill wou elo d'Cour selwer hir eege Gebaier baut an och bezillt. An deem Sënn ass dat e Fortschrëtt. Et ass och eng Klärung, eng Erlichterung fir dat wat mir hei zu Lëtzebuerg bauen.

Mir hunn Acccore mat der Cour de Justice an Aussicht stoen. Dat hänkt och mam Bau zesummen. Mir wäerten och mam Europaparlament op déiselwecht Manéier en Ofmaaches maachen. Bei dësem Bau ass allerdéngs d'Situatioun eng aner, well mer jo näischt Neies maachen. Mir vergréisseren eise Centre de conférences en vue vum Elargissement. Mir gesinn dofir och net an, firwat datt mer elo sollen op eemol eng nei Struktur dohinner setzen. Ech mengen, dëse Sall gëtt gëréiert wéi bis elo de Centre de conférences gëréiert ginn ass.

Ech ginn all deene Recht, déi soen, en dierft net eidel stoen. E soll och gutt genotzt si während där Zäit, wou keng europäesch Aktivitéiten hei sinn. Et ass evident, datt, wa mer esou en Instrument hunn, mer eis dann awer och emol kënnen international an de Kongresstourismus erabeginn, fir da gréisser Kongresser hei zu Lëtzebuerg ze maachen. Bis elo konnt een aus Plazmangel, wann ee kee Sall huet, deen 1.000 Leit kann ophuelen, gewësse Kongresser vu virera guer net upeilen. Ech mengen, dat gëtt mat deem neie Centre de conférences eng aner Geschicht.

Wat de Site Kierchbierg ugeet an all déi Problemer, déi mat deem Chantier zesummenhängen, ass et natierlech net esou einfach, besonnesch net fir déi Leit, déi do schaffen. Mir wäerten eis beméien, emol éischters eng optimal Informatiounspolitik ze maachen. Mir hunn dofir och e Groupe de coordination op d'Bee gesat, wou ee Responsabele vun all Institutioun mat dran ass, wou mer och d'Press stänneg informéieren, fir de Verlaf vum Chantier besser dobaussen däitlech gemaach ze kréien. Wann Déviatiounen kommen oder wann d'Stroossen en anere Verlaf mussen huele wéinst dem Chantier, dann ass d'Informatioun fir déi Leit, déi do schaffen an dann och fir all aner Verkéiersteilnehmer wichteg.

Dat gesot, beméie mer eis dofir, déi Informatiounspolitik bei dësem Chantier esou virunzedreiwen, wéi mer dat och bei där éischer Presentatioun virun der Press an Aussicht gestallt hunn. Mir wäerte selbstverständlech der Chamber och do zur Verfügung stoen.

Ech kéim dann zu deene Froen, déi den Här Fayot méi konkret gestallt huet wat déi zwee Tüerm ugeet. Wat

déi zwee Tüerm ugeet, kann ech awer hei net eng Meenung deelen, déi bedauert, datt Privatinvestisseuren a Bürosraim investéieren. Wann ëmmer nëmmen de Stat hätt missen a Bürosraim investéieren, wou wiere mer dann hikomm? Ech mengen, mir si jo awer nach an engem Land, wou och d'Privatwirtschaft Bautätigkeiten ausübt an och e Recht huet. Wann zum Beispill beim Findel fir dat grousst Bürosgebai sech net e privaten Investisseur dru ginn hätt, dann hätte mer nach méi en Drock kritt an nach méi de Manktum u Bürosraimlechteken hei ze spiere kritt.

Et ass dofir ze begrëssen, dass et zwee privat Investisseure gëtt, déi d'Tüerm do bauen a se dann och besetzen. An dat wat d'Lëtzebuerger Regierung fir d'Europaparlament gemaach huet, dat ass, datt mer fir dee Raum, dee mer brauche fir d'Iwwergangszäit, deene Bauhären eng Garantie locative ginn hunn an datt mer domat kënnen sécherstellen, datt mer, ier mer un d'Phas komme vun der Erweiderung vum BAK, well och do hu mer eng Léisung fonnt, zesumme mam Europaparlament, do kënnen d'Europaparlament an den Tüerm transferéieren. Ergo gëtt dann esou wéi bei engem Puzzle den Dréi gemaach. All Kéiers wann erëm ee Gebai fräi gëtt, kënn et dann och drun, fir an d'Phas vun der Restauratioun ze goen. Dat ass ofgeschwat. Dat ware keng einfach Verhandlungen. Déi sinn awer zu engem gudden Enn bruecht ginn an déi hunn och ëmmer den Accord vun där Institutioun, déi dovu beträff ass.

Den Architekt, dee gewielt ginn ass vum Fonds du Kirchberg, fir d'Konzept vun der Place de l'Europe ze erstellen, war de Ricardo Bofill, dee säi Konzept och motivéiert huet. Den Här Strotz huet dat hei kommentéiert an och aus deem Rapport virgelies.

Et ass och vum Rapporteur, dem Här Bourg, deem ech nach eng Kéier wëll extra merci soe fir säi Rapport, am Bericht vun der Kommissioun festgehalen. Den Architekt ass an deem Sënn de konzeptuelle Papp vun der Plaz an ech gesinn net, wou een do kënn e Risiko lafen. Ech mengen, all Architekt huet seng Griffe an et ass natierlech esou, dass mer seng Vue deelen, fir den Tüerm ze verkleede mat enger Glasfassad, fir esou déi al Architektur esou wäit wéi méiglech ze erhalen. Well an enger Hinsicht ass et richtig, datt zu enger Zäit eigentlech eng Architektur gemaach ginn ass, déi een haut vläicht net méi esou schéi fënnt oder déi een haut net méi wëllt als Architektur gesinn, mä dat ass awer net d'Vue vum Baute-ministère.

Mir hunn eis dofir drop géeenegt, datt mer versichen dat architektonescht Konzept vum Tüerm esou vill wéi méiglech ze respektéieren an ze erhalen, an awer duerch déi gliese Fassad, well d'Renovatioun vun där Fassad, esou wéi se elo do ass, wier och problematesch, dann domat e gudd Kompromëss ze kréien,

deen der Plaz an hirer gesamter Presentatioun zegutt kënnt. An deem Sënn, mengen ech, wier dofir gesuergt, dass dat herno e Ganzt gëtt.

Zu den Alentouren. Ech wëll der Chamber soen, dass se deemnächst mat engem neie Projet vun Alentouren befaasst gëtt. Ech verstoppen do net, datt mer dofir an dësem Projet d'Alentouren net thematiséiert hunn, well mer mat deem Projet jo bis an d'Place de l'Europe eropginn. Dat sinn nämlech d'Alentouren, déi ronderëm déi zwee Muséeën kommen, wou mer e Concours ausgeschriwwen haten am Bauteministère fir all déi Aussenanlagen, dat heescht, dee ganze Gaart, dee ronderëm de Festungsmusée an de Musée d'Art moderne kënnt, an dat geet da bis erop op déi Plaz, wou d'Place de l'Europe nom Konzept vum Ricardo Bofill mat dem Site Dräi Eechelen a Verbindung bruecht gëtt an dat gëtt selbstverständlech en neie Projet de loi. Dat wäert also net iwwer en Dépassement vun dësem Projet goen.

Wat elo den Devis ugeet, Här President, widderhuelen ech meng Litanei vun ëmmer. Mir hunn en Devis hei gemaach op engem Avant-projet sommaire. Méi genee kënne mer net ginn. Wann et sech elo erweist, datt mer am Verlaf vum Projet détaillé ganz wäit ausernee leien, da komme mer selbstverständlech bei d'Chamber zrëck. Méi ass et net. Mir hunn deemno gutt Hoffnung, datt mer mat dësem Bau gutt virkommen, datt och déi Aarbechten, dee Chantier do gutt verleeft an datt mer dann op där Place de l'Europe awer wierklech en zesummenhängend Ganzt kréien.

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, kann ech der Mme Minister nach eng Fro stellen?

(Assentiment)

Ech wollt nach eng Kéier froe wat déi zwee Tiern do ugeet, déi nei gebaut ginn:

1. Kritt d'Europaparlament, dat aus dem Bâtiment Tour auszitt, een oder zwee Tiern?
2. Wéini ass dann elo schlussendlech geplangt, dass déi Tiern fäerdeg ginn, respektiv wéini dass den Auszuch aus dem Bâtiment Tour ka stattfannen?

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Déi zweet Fro hänkt mat där éischter zesummen. Si kënnen eréischt auszéie wann den Tuern fäerdeg ass. Ech denken, et ass keng Verspéidung am eigentleche Sënn, well jo elo schonn de Chantier amgaang ass. Deen Timing, dee mer presentéiert haten, war ganz genee opgezielt. Ech géif vläicht, fir lech eng komplett Äntwert ze ginn, der Chamber den Timing vun der ganzer Place de l'Europe zoukomme loossen. Ech weess elo net, op zwee Méint près, ob dat elo nach dëst Joer ass oder ob et am nächste Joer ass. Op jidde Fall, fir d'Europaparlament ass déi Plaz, déi et brauch, virgesinn an engem Tuern. An den Timing hu mer esou openeen

ofgestëmmt. Fir dat, wat de Moment amgaang ass, brauche mer kee Projet de loi. Dat ass de Parking an de Parking gëtt finanzéiert iwwert de Fong vum Kierchbierg, esou datt am Fong geholl déi Baustell, déi elo do ass, den ënnerierdesche Parking ass, dee fir alleguer déi Gebaier virgesinn ass.

Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4771 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo iwwert de Projet of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass unanime mat 58 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Lucien Clement), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par Mme Nelly Stein), Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler.

Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Claude Meisch), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach.

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Marc Zanussi), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi.

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Aly Jaerling).

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4772 iwwert den CNA an de Kulturzentrum zu Diddeleng. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Mme Stein an déi Hären Di Bartolomeo, Graas, Jaerling, Garcia a Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Ady Jung.

2. Projet de loi 4772 relatif à la construction d'un bâtiment pour le Centre National de l'Audiovisuel (CNA) et le Centre Culturel Régional de Dudelange

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Ady Jung (CSV), rapporteur.- Här President, honorabel Kolleginnen a Kollegen. Et war de 16. Februar dëst Jor, wéi d'Mme Minister vun den Travaux publics dëse Gesetzesvorschlag déposéiert huet a mir si frou fir haut, net grad véier Méint méi spéit, de Projet de loi 4772 hei zur Ofstëmmung kënnen virzeleeën.

Et sief drop higewisen, datt schonn am Joer 1991 d'Regierung sech fir eng Erweiderung vun de Raimlechkeete vum Centre National de l'Audiovisuel ausgesprach hat. D'Stad Diddeleng hat hirsäits hiren Interessi fir e regionale Kulturzentrum ugemellt, fir hir Museksschoul engersäits, awer och aner kulturell Strukturen ënnerzebréngen, déi iwwert den Territoire vun der Stad Diddeleng verspreet leien.

Uganks 1996 haten d'Mme Minister vun der Kultur an de Buergermeeschter vun der Stad Diddeleng, den Här Mars Di Bartolomeo, eisen Deputéiertekolleg, sech gemeinsam zur Iddi, fir dës staatlech a kommunal-regional Infrastrukturen ënner engem Daach ënnerzebréngen, ausgesprach, eng Léisung vun enger kultureller Kohabitatioun, déi bis dato hei am Land hiresgläiche sicht.

Den Terrain, deem hefir zur Verfügung steet, am sougenannte „Schnauzelach“, läit no bei de fréiere Killweieren, déi noutwendeg war fir d'Héichiewe vun ARBED-Diddeleng.

A mengem perséinlechen Numm wëll ech hei zum Ausdrock bréngen, wéi grouss d'Satisfaktioun vun der Ministesch, der Mme Erna Hennicot-Schoepges, engem Diddelenger Meedchen, dierf sinn, déi an duebler Eegenschaft als Bauten- a Kulturministesch an hirer Gebuertsstad esou en imposante Bauprojet realiséiere kann.

Dem Projet läit en ausféierlechen Exposé des motifs bäi, mat Pläng an enger geneeër Beschreiwung vun den Aarbechten, déi auszuféiere sinn, sou wéi och e

Programm vun de Bauaarbechten an de geschätzten Ausgaben. Et sinn dëst 785 Milliounen Frang u Baukäschten, opgedeelt op 315 Milliounen Frang „gros œuvre“, 259 Milliounen Frang fir technesch Installatiounen an 211 Milliounen Frang fir de Parachèvement. Dobäi komme 488 Milliounen Frang Zousazkäschten, woubäi niewent dem Mobiliar, dem Décor artistique an dem Aménagement extérieur, d'Entsuergung an d'Virbereedungsarbechte vum Terrain 100 Milliounen Frang kaschten, an, well et sech nun eemol ëm e Gebai mat ganz spezifischen Aufgaben handelt, 156 Milliounen Frang fir spezial Equipementer noutwendeg sinn.

Virsiichtshalber goufen dann nach 75 Milliounen Frang fir Imprévuen agerechent. Dat Ganzt zousätzlech 15 % TVA beleeft sech am Total op 1.463.950.000 Frang. Op dëse Betrag kommen da ronn 120 Milliounen Frang un Honorairen, plus 14,4 Milliounen Frang TVA op dësen Honorairen, wat sech da schlussendlech op ee Gesamtkäschtepunkt, no uewen opgerënnt, vun 1,6 Milliarde Frang beleeft, ëmgerechent 39.663.000 Euro.

De Projet de loi hält dës Endbetrag fest, mat der Réserve vu gesetzlechen Haussen, déi am Laf vun den Aarbechten anriede kënnen. D'Ausgabe selwer gi vum Fong fir öffentlech Verwaltungsgebäier erofgeholl, woubäi d'Bedelegung vun der Stad Diddeleng proportional ze droen ass, esou wäit de Centre culturel régional um Gesamtbau bedeelegt gëtt. Dës Bedeelegung gëtt an enger spezieller Konventioun tëschent dem Stat an der Gemeng Diddeleng festgehalten.

A senger Sëtzung vum 28. Mäerz 2001 gouf der Kommissioun vun den Travaux publics an der Kommissioun vun der Kultur, dem Enseignement supérieur an der Recherche de Projet virgestallt, a béid Kommissiounen krute regierungssäiteg Äntwerten op all Froen, déi gestallt goufen. An därselwechter Sëtzung lung och en Avis positif vum Statsrot vir, an deem leedeglech minim Textännerunge virgeschloe goufen, déi esouwuel vun der Regierung wéi och vun de virgenannte Chamberskommissiounen eestëmmeg ugeholl goufen.

Wat nun de Centre National de l'Audiovisuel, de CNA, ubelaangt, esou steet him künfteg eng Gesamtfläch vun 3.292 m² zur Verfügung. Dës Fläch begräift Säll a Raimlechkeeten, déi fir déi klassesch Aktivitéite vun esou engem Zentrum erfuerdert sinn. Heibäi sief ervirgehewen d'Erstelle vun enger Fotothék, d'Versuerge vu Film- a Fotomaterial, an nët ze vergiessen d'Sanéiere vu wäertvollen Ënnerlagen, déi och nach fir kommend Generatiounen vun engem onschätzbaren historesche Wäert sinn. Et handelt sech hei ëm d'Erhale vun engem Kultur-Patrimonium, wat net ouni modern an effizient technesch Hëllefsmëttel méiglech ass. Ugemesse Raimlechkeeten a Säll